



Archives nationales de  
Luxembourg, Fotograf:  
Jean Proess, CC BY-NC-ND,  
cote: ICO-3-1-02856

Seit Juli stellt das Nationalarchiv auf seiner Webseite eine Sammlung von 6 500 Fotos aus den Fünfziger- bis Siebzigerjahren zur Verfügung. Die Fotos entstanden im Auftrag des Service gouvernemental d'expansion économique et touristique und lassen den Betrachter eintauchen in das Luxemburg dieser Zeit. Ein schönes Beispiel ist dieses Foto, mit dem Jean Proess im Februar 1964 vom Pfaffenthal aus den Bau der Roten Brücke dokumentierte. Schauen Sie sich die Fotos an unter [www.anlux.lu](http://www.anlux.lu) oder [bit.ly/fotos\\_anlux](https://bit.ly/fotos_anlux) (direkter Link).

# Léist *De Pafendall* sech ausstellen?

Michel Pauly

Ronn 50 Objete ginn an enger Ausstellung gewisen, déi säit dem 13. Mee a bis den 3. Januar 2016 am Stater Musée am Hellege Geescht ze gesinn ass. Ouni dass een e roude Fuedem kënn erkennen, reechen si vum Tableau, deen de Jean-Baptiste Martin (1658-1735) vun der Belagerung vun der Stad Lëtzebuerg duerch d'Truppe vum Louis XIV gemoolt huet, bis bei eng Affiche mat där Déi Gréng hire Grennongskongress (sic) den 23.6.83 am Sall Sang a Klang Pafendall ukënnegen. Erklärungen kritt een an engem schmuele Guide, deen een däréif gratis mathuelen, op Franséisch an op Däitsch. Wann ee vum grouse Lift kënn, kënn ee wéi sou dacks an der Mëtt vun der Ausstellung eraus an 't fënn een den Ufank net. En Ausländer – an dat dierfte wuel di meescht Visiteure vum Musée sinn – versteet héchstwahrscheinlech souwiso näscht, well kee Plang erkläert him, wou dee Pafendall an der Stad ze sichen ass.

Um Buedem ass e risegt Loftbild vum Pafendall opgepecht, op deem di eenzel Plazen ugi sinn, vun deenen di ausgestallte Géigestänn oder Fotoe kommen. Schonns am éischte Sall héiert ee permanent de Kaméidi vun Autoen déi laanscht fueren. Am zweete Sall geet engem d'Späicherliicht op: dee Kaméidi kënn net vun dobaussen, mä vun der Rouder Bréck, déi hei iwwert d'Käpp ewech nogebaut ass. An am leschte Sall widderhélt sech di Geräischkuliss, déi Kéiers mam Kaméidi vun Zich di laanscht doneren. Donieft ginn allméiglech Saache gewisen, déi aus dem Pafendall kommen: d'Klack aus der Kapell um Siichenhaff, eng Affiche mat de Vaubanstierm fir eng Ausstellung vu 1934, e Modell vun der Reiterkasär, en Dëppen aus Toun, dat 1989 duerch en Äerdrutsch am Pafendallerbiere zum Virschäi koom, de Fändel vun der Pafendaller Musek, d'Medaillen, déi de ‚Sang & Klang‘ bei Gesangsconcoursë gewonnen huet, Fotoe vum Théiwesbuer an eng Statu vu Sankt Matheis, deen dem Bur säin Numm ginn

huet, asw. An engem Sall ass eng Computeranimation am Stil vu „Second Life“ z'erliewen, déi de Pafendall zur Zäit vun der Bundesfestung wëll weisen; déi Aarbecht, déi hei geleescht gouf muss immens gewiescht sinn, mä d'Resultat ass grujeleg.

Zwee Filmer musse nach ernimmt ginn. Deen éischte bréngt en Temoignage iwwert d'Explosionskatastrof vum 30. Mee 1976 am Béinchen, bei där dräi Leit d'Liewe gelooss hunn a ronn 20 Haiser zerstéiert goufen. Net gesot gëtt weder am Film nach soss anzwousch, dass et kee Katastropheplang gouf, dass d'Affer haaptsächlech Portugise waren, dass d'União spontan huet missen dolmetschen, well di Responsable vun der Gemeng kee Portugisesch konnten, dass di Sinistériert op den Härebierg bruecht gi sinn, dass déi Familljen, déi deemools am Béinche gewunnt hunn, do hu misse fortgoen a provisoersch Wunnengen a Staddeeler kritt hunn, wou se kee kannst hunn, an dass si ni méi erëmkoumen, well et Jore gedauert huet, bis de Béinchen nees opgebaut wor. Dat ass nëmmen ee Beispill wéi d'Ausstellung et verpasst, fir di gewise Saachen ze kontextualiséieren, fir aus Anekdoten eng historiesch Erzélung ze man. Par contre ass et flott, nach eng Kéier dee wonnerbare Film vum Geneviève Mersch iwwert d'Rout Bréck ze kucken. An dem Film, deen d'Kontextualiséierung selwer iwwerhélt, schwätze Leit aus dem Dall an erklären, wéi si mat de Suiciden ëmginn, déi se bal all Dag hu missen erliewen.

Kee Wuert awer och an der Ausstellung iwwert d'Massekläpperei tëscht Lëtzebuerger a Portugisen op Allerhellegen 1974, déi ëmmerhinn derzou gefouert huet, dass d'Regierung Thorn de Conseil national des étrangers an d'Liewe geruff huet. Et vermësst ee grad esou, dass di nei Zuchgare matt der Seelbunn fir op de Kierchbiere an de Lift fir an d'Uewerstad riskéieren de Quartier fir eng nei Schicht vun

---

**[...] d'Ausstellung verpasst [ët], fir di gewise Saachen ze kontextualiséieren, fir aus Anekdoten eng historiesch Erzélung ze man.**

---



Expo Pafendall (© MHVL, photo: C. Weber)

Awunner attraktiv ze man, sou dass an de nächste Joren eng weider soziologesch Ëmschichtung z'erwaarden ass.

Wee mengt, an der Ausstellung wär *forum* grad esou vergiess gi wéi an *Ons Stad* Nr. 107/2014 iwwert di Stater Press, deen iert sech. Ganz um Schluss, ir een da nees an de Panoramalift klëmmt, ginn op enger ganzer Wand Fotoe vu Pafendaller Leit gewisen. Wee gudd sicht, fënnt do och Fotoe wou de Jürgen, de Pol an de Laurent aus der Redaktiounsequipe drop sinn. Dass *forum* vu 1985 bis 1992 an elo nees säit 2009 säi Büro an der Muerbelsgaass, um Eck bei der Bréck, vis-à-vis vun der Kierch, also matzen am Zentrum vum Pafendall huet, gëtt awer net verroden. ♦

## Wendepunkte oder: Was eigentlich besagt das Christentum?

Vortrag von Dr. Eugen Drewermann

**am Dienstag, den 13. Oktober 2015 um 20.00 Uhr**

im **Trifolion Echternach**, 2, Porte St Willibrord, L-6486 Echternach

**Eintritt:** 10 Euro / Eintrittskarten bei: [www.luxembourg-ticket.lu](http://www.luxembourg-ticket.lu) oder [www.ticket-regional.de](http://www.ticket-regional.de) / Abendkasse (sofern noch freie Plätze zur Verfügung stehen)

**Veranstalter:** Initiativkreis Wendepunkte, ErwuesseBildung

**Verantwortlich:** Michèle Scholer

„Wie nötig wäre Religion! Wer, wenn nicht sie, könnte den Menschen sagen, dass sie mehr sind als Übergangsgebilde im Stoffwechselhaushalt der Natur, dass sie zu schade sind, um sich als Konsumenten und als Produzenten im Wirtschaftskreislauf dubioser Kapitalverwerter zu verschleißen, dass sie es nicht verdienen, ihren Wert als Leistungsträger bei der Sicherung des Industriestandortes der BRD oder irgendeines anderen Landes im globalen Konkurrenzvergleich bestimmt zu finden? Auf dass Menschen eine absolute Geltung haben, bedarf es eines absoluten Gegenübers ihrer Anerkennung. Ein solches Gegenüber kann und darf nicht die Natur, nicht die Gesellschaft, nicht ein Zweckverband aus Industrie und Militär und Banken sein. Wie aber glauben an ein Absolutes, auf dass Menschen nicht länger mehr als Mittel für die Zielsetzung anderer versklavbar sind? Es müßte einen jeden die Religion begleiten auf dem Weg zu seiner Freiheit...“

aus: Eugen Drewermann, *Wendepunkte oder Was eigentlich besagt das Christentum*, Patmos 2014, ISBN 9783843605403, S. 9



Dr. Eugen Drewermann arbeitet seit dem Entzug seiner Lehrerlaubnis und Suspension vom Priesteramt als Therapeut und Schriftsteller. Er gehört zu den erfolgreichsten theologischen Autoren und ist ein gefragter Referent. Drewermann stellt die Theologie vom Kopf wieder auf die Füße und führt sie zurück zu dem, was Jesus von Nazareth wollte und was das Christentum eigentlich besagt.